
DEMOKRATESCH PARTEI

Dikrich



# NEWSLETTER

## VUN DER SEKTIOUN DIKRICH



**André BAULER**
*Députeierten a President*

D'Dikricher DP-Oppositioun begleet d'Majoritéit an de Schäfferot mat engem kritesche Bléck. Do, wou et Sënn mécht, schafft d'DP konstruktiv mat. An dësem Flyer fannt dir weider Virschléi, fir d'Liewensqualitéit an eiser Stad ze verbesseren.

Dikrich ass eng Stad, déi bougéiert, an an där et sech gutt liewe léisst. Mir setzen eis dofir an, datt si och an Zukunft liewenswäert bleift. Zesumme mat iech!

Zéckt also net a sot eis, wou iech de Schung dréckt.







**José LOPES**
*Conseiller communal*

## Nouvelles du conseil communal

La majorité en place a annoncé au courant du mois de juin au conseil communal que des pourparlers étaient en cours afin d'acquérir le terrain qui était destiné à la construction d'un logement encadré dans la rue de l'Hôpital.

Pour le DP il est primordial que la commune devienne propriétaire en vue de l'extension du campus scolaire sous réserve que le prix négocié soit en lice avec les intérêts financiers de la Ville.

La Ville doit enfin se conformer aux décisions de justice devenues définitives dans le contexte du plan d'aménagement général en relation avec les parcelles dans la vicinité de la route de Gilsdorf. L'épopée judiciaire doit prendre fin, dans l'intérêt et de la Ville et des propriétaires. Les responsables politiques doivent prendre la responsabilité de leurs décisions prises par le passé !

Ech sinn d'Katrin Kohl an hu 26 Joer. Ech sinn zanter 2017 bei de Jongdemokraten an zanter 2019 Presidentin vun der JDL Norden.

Meng politesch Interessie sinn d'Chancëgläichheet, d'Jugend, de Sport an d'Kultur. Ech engagéiere mech, well ech Saache verbessere wëll a well ech deene Jonke wëll eng Stëmm ginn.

Wann dir wëllt bei der DP zu Dikrich an/oder an der JDL matmaachen, da kënnt dir iech bei mir mellen. Meng Mailadress ass kkohl@dp.lu



**Katrin Kohl**
*Presidentin JDL Norden*



# WAT EIS UM HÄERZ LÄIT

## D'Gestioun vun de Schantercher verbesseren

Op allen Ecken an Enner vun eise Stroosse sinn de Moment Chantieren. Mir fuerdern eng besser Informatioun a méi kloer Schëlder ronderëm dës Chantieren, fir datt d'Leit sech besser erëmfannen.

## Kierfent reamenagéieren | E Bëschkierfent um Niveau vun der Nordstad

Mir fuerdere Bänken op eisem Kierfent, besonnesch fir eeler a behënnert Leit. Doriwwer eraus sollen d'Grénganlagen iwwerduecht ginn, fir méi en agreabelen an nohaltege Kader um Kierfent ze schafen. Weider ënnerstëtze mir de Projet vun engem Bëschkierfent um Niveau vun der Nordstad.

## Transparenz vun de Gemengerotssitzungen

Mir verlaangen, datt d'Reunioune vum Gemengerot iwwer Livestream an iwwert den Infokanal vun der Gemeng iwwerdroe ginn.

## Ëffentlech Beliichtung a ganz Dikrich definitiv op LED ëmstellen

LED-Luuchte si méi emweltfrëndlech, méi effizient, si hale méi laang a se spuere Käschten.

## Infrastrukturen ausbauen

Folgend Projeten hu fir eis Prioritéit: Nei Grondschoul an der Sauerwiss, Neibau vun der Museksschoul, Erneierung vun enger Rei Wunnstroossen (Rue Vannerus, Promenade de la Sûre, etc.).

## E Parkleitsystem aféieren

D'Automobiliste mussen direkt wëssen, wou Parkplaze fräi sinn. Dat vermeit kleng Stauen a spuert Zäit.

## Ateliere fir kleng Reparaturen

Mir wëllen Dikrich méi nohalteg opstellen an d'shared economy weider stäerken. Mir proposéieren dofir eng Plaz, wou d'Leit sech kënne begéinen, wou se Geschier geléint kréien, a wou se zesumme kënne punktuell Reparature maachen.

## Méi vëlos- a foussgängerfrëndlech ginn

Mir schloen och kleng Reparatur-Statioune fir de Vëlo vir, z.B. laanscht d'Sauer. Mat enger Pompel a Geschier fir kleng Pannen ze flécken. Et sollen och nei Park- a Wäschstatioune fir Vëloen a Waasserspender op öffentleche Plazen installéiert ginn.

# CE QUI NOUS TIENT À CŒUR

- Améliorer la gestion des chantiers urbains
- Réaménager le cimetière / créer une forêt cinéraire au niveau de la Nordstad
- Transmettre les réunions du conseil communal par Livestream
- Finaliser l'éclairage public en LED dans toute la ville
- Développer plusieurs infrastructures : nouvelle école Sauerwiss, nouveaux locaux pour l'école de musique, réaménagement de certaines rues
- Créer un système de guidage pour les parkings disponibles dans la commune
- Soutenir l'économie de partage au niveau local, installer des distributeurs d'eau fraîche en zone urbaine

dikrich.dp.lu
dikrich@dp.lu

# ÄR MANDATAIREN AM BEZIERK NORDEN



**Marc Hansen**
Minister fir d'Fonction publique, d'Bezéiung zum Parlament, Digitaliséierung an d'Verwaltungsreform



**Fernand Etgen**
Chamberpresident



**André Bauler**
Deputéierten



## #GËFFMEMBER

Schreif dech an op
member.dp.lu







Demokratesch Partei
2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
Tel: (+352) 22 10 21